PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Aarbecht weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro 5415 huet de Minister mir verschidden Zuelen zu den Delaie bei der Adem genannt. 6 bis 6,5 Méint muss eng Persoun, déi eng Recoursprozedur bei der Adem lancéiert, momentan waarden bis d'Kommissioun een Urteel hëlt. Esou heescht et an der Äntwert vum Minister:

> *"D'ADEM ass sech bewosst, dass d'Délais'en momentan laang sinn.*
> *Am Joer 2021 sinn Moossnahmen geholl ginn fir d'Délais'en ze kierzen, ënner aanerem ass d'Sekretariat vun der CSR personell opgestockt ginn.*
> *D'ADEM ass och am gaang ze kucken wou d'Baarbechtungsprozeduren weider kënne vereinfacht ginn an draiwt doniewt och d'Digitalisatioun vun der CSR virun, woubäi ee wësse muss, dass d'Analyse vum Dossier sëlwer nët kann digitaliséiert ginn."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Déi realiséiert personell Opstockunge schengen laut Minister net duer ze goen, fir d'Prozeduren ze beschleunegen. Wäerten also weider Persoune fir d'Sekretariat an d'CSR recroutéiert ginn? Wa jo, wéini a wéi vill?

2. Wéini sollen d'Analysen iwwert méiglech Léisungen ofgeschloss ginn?

3. De Moment, wou Persounen op eng Decisioun vun engem Recours waarden, gëtt d'Ausbezuele vum Chômage ausgesat. Am Fall wou dem Recours vum Demandeur zougestëmmt gëtt, ginn dës Méint nogeholl. Gesäit de Minister hei kee Risiko, dass Leit, déi op eng Decisioun waarden, an eng schwéier Prekaritéit falen, wann si méintelaang kee Recht op Chômage a REVIS méi hunn? Wat fir aner Méiglechkeeten hunn dës Persounen, fir dës Zäit z'iwwerbrécken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député